ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 03/01/2024

Rapport vun der Kommissioun vum drëtten Alter

Sëtzung vum 18 Dezember 2023

Präsenzen

Present (Quorum 50% , ≥6)	Net present	Observateuren a Experten
Pascale BERNA	Rosie BRANDENBURGER (entschëllegt)	
Yolande EVERAD-GRAFF	Sylvie GIERES-DEITZ (entschëllegt)	
Carlo KOEPP (Sekretär)	Stefanie BLOCK (entschëllegt)	
Corinne REDING-SCHARLÉ (Presidentin)	Lydie RUPPERT (entschëllegt)	
Liselotte RUEF-VOGT (Vize-Presidentin)		
Seth RUEF		
Suzanne WEIS-COLLÉ		

Dagesuerdnung

Déi folgend Dagesuerdnung gouf op d'mannst 2 Deeg virun der Sëtzung un d'Memberen (3e.age@helperknapp.lu) an op odj@helperknapp.lu verschéckt, respektiv nodréiglech, op Ufro vu Memberen oder dem Schäfferot, ugepasst

1. Begréissung, Presenzelëscht
2. Initiative "Super Senior" vun der MEC Asbl
3. Néi Joers Feier 2024
4. Summer Ausfluch
5. Proposen fir d' traditionell Fréijoer Sortie
6. Konferenz Owender

Helperknapp, 03/01/2024

Punkt 1 : Begréissung, Introductioun, Presenzelëscht

Presidentin huet d' Sëtzung opgemaach an d' Memberen gegréisst. 7 Memberen waren präsent a 4 haten sech entschëllegt.

Punkt 2 : Initiative "Super Senior" vun der MEC Asbl

MEC Asbl (Mouvement pour l'Egalité des Chances) hëlleft gutt Zesummeliewen ze förderen. An dem Kader hunn Sie d' Initiativ "Super Senior" kreéiert, wo Senior*innen den Kanner aus der Primärschoul bei den Hausaufgaben hëllefen. Dës Initiativ ass a verschiddenen Regiounen vum Land aktiv. (nokucken bei mecasbl.lu)

Dëse Punkt gouf an der éischter Sëtzung ugeschnidden, an d' Corinne huet doropshin MEC kontaktéiert an mat der Mme Aurélia Pattou, Direktesch, en Termin festgeluecht fir dës Sëtzung. Leider konnt d' Madame Pattou wéinst Krankheet net kommen. E neien Termin gëtt am neie Joer vereinbaart.

D' Gemeng huet awer am Virfeld dësen Projet schonn autoriséiert an e Layout fir a Flyer (am Unhang) proposéiert.

Punkt 3 : Nei Joers Feier ufangs 2024 fir d' Senioren aplaz vun der Chrëschtfeier 2023

Dës Nei Joers Feier ass den 3 Februar am Lëtschert. Wéinst der Urgence, hat d' Gemengen Administratioun kuerz no eiser leschter Sëtzung e "Save the Date" un d' Senior*innen verschéckt.

Eis Kommissioun, op Ufro vun der Gemeng, soll sech eem d' Kaddoen an d' musikalesch Begleedung këmmeren. An der Reunioun hu mir unanime entscheet, dat mir Propositiounen maachen, mee keng Bestellungen.

- Fir d' musikalesch Begleedung proposéieren mir den **Mike Rippinger** oder den **Stanko mam Ben Reding**
- Fir Kaddoen sollte mer, esou gutt wéi méiglech, op lokal Produzenten zeréckgräifen, a mir gesinn eng Kompositioun vu verschiddene Produkter:
    - Knippercher vum Chocolats du Cœur, Tricentenaire Bissen
    - Wanter Téi
    - Hunneg, Drëpp, Likör oder e bemoolte Steen (z.B Gansen oder aner lokal Fournisseuren)

Wichtege Punkt: Et goufen etlech Feedbacken zu dëser Feier an et huet sech erwisen dat déi eeler Awunner léiwer eng Chrëschtfeier wëllen. Dofir huet eis Presidentin am Viraus den Lëtschert fir den 2 Advent d' nächst Joer reservéiert. D' Kommissioun's Memberen hunn dëst eestëmmeg ënnerstëtzt.

Punkt 4 : Summer Ausfluch

Wéi déi lescht Joren soll dësen Ausfluch am Juli-August erëm op der Marie-Astrid stattfannen. De Sekretär këmmert sech em een Datum fir d' Reservatioun. Déi ongeféier Unzuel vu Participanten muss nach zesummen mat der Gemeng festgeluecht ginn.

Punkt 5 : Proposen fir d' traditionell Fréijoer Sortie

Dës Sortie soll am Abrëll-Mäi stattfannen ab 14h Nomëttes mat um Programm, Kaffi a Kuch . Nieft dem Kinoler gouf nach iwwer aner Méiglechkeeten nogeduecht.

- Ee Besuch an der Philharmonie an Ëmgéigend
- Ee Besuch am Palais
- Eng Faart mam City Bus

De Palais schéngt Visitten nëmmen am Summer ze proposéieren. D' Iddi vum City Bus huet an der Reunioun vill Uklang fonnt. Dobäi sollte mer mam Gemeinschaft-Bus zesummen an d' Stad fueren, deen d' Participanten iwwer eis Dierfer asammelt.

Punkt 6 : Konferenz Owender

Am Zesummenhang mat der Konferenz iwwer Ierfschaftsrecht, koum de Virschlag eng Réi aner Konferenzen fir eis eeler Matbierger z' organiséiert déi Sie kéinten interesséieren wéi z.B. iwwert:

- Fleegeversécherung
- Iwwersiicht an Zougaang zu Altersheimer

Helperknapp, 03/01/2024

Nächst Sëtzung

Eng nächst Reunioun ass fir den 27 Februar um 19h30 am Gemengerot Sall aberaumt ginn.

Unhang: Flyer Propose fir de Projet “Super Senior”

Helperknapp, 03/01/2024

Dëse Rapport soll an engem Délai vun 2 Wochen no der Sëtzung un d'Memberen verschéckt a no der Approbatioun als PDF un déi responsabel vun der Administration (tanja.asselborn@helperknapp.lu & yves.munchen@helperknapp.lu) weidergeleed.